N°3795
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3795 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler an Luc Emering**

**Sinn der Madamm Ministesch schonn Engpäss an deem Kontext bekannt?**

Laut dem Handel kann een aktuell nach net vun Engpäss hei zu Lëtzebuerg schwätzen. Dünger ass verfügbar, an d'Versuergung gëllt als geséchert. [1] De Konflikt huet awer zu enger Erhéijung vun den Düngemëttelpräisser gefouert. Positiv ass, datt – wéi vum Handel confirméiert – ronn 70 % vun de landwirtschaftleche Betriber hei zu Lëtzebuerg schonn am Hierscht 2025 hiren Dünger fir dat aktuell Kulturjoer virbestallt a bis de Februar schonn agelagert haten.[1] Allerdéngs sinn eng Rei Betriber gezwongen trotzdeem déi héich Präisser um Maart ze bezuelen.


**Ëm wat fir een Dünger handelt et sech do méi präzis?**

Um Weltmaart geet et virun allem ëm Stéckstoffdünger wéi Harnstoff an Ammoniak souwéi ëm Phosphatdünger, déi aus der Golfregioun kommen – ronn en Drëttel vum weltwäiten Handel leeft iwwer d'Strooss vun Hormuz. [2] D'Blockad dovun féiert zu enger limitéierter Verfügbarkeet um Weltmaart an domat zu Präissteigerungen.


**Ginn et momentan Alternativen zum Dünger, deen aus der Golfregioun kënnt?**

Et ginn Alternativen. D'EU importéiert nëmme marginal Quantitéiten aus der Golfregioun – dat esou wuel fir Stéckstoff- wéi och fir Phosphordünger. An der follgender Grafik sinn déi wichtegst Handelspartner am Joer 2025 fir dës zwee Düngemëttel vun der EU zesummegefaasst.

Phosphordünger (Import EU 2025)




Stickstoffdünger (Import EU 2025)





Quell: https://agridata.ec.europa.eu/extensions/DashboardFertiliser/FertiliserTrade.html#

[1] https://today.rtl.lu/news/luxembourg/war-in-iran-sends-fertiliser-prices-soaring-for-luxembourg-farmers-1685038620
[2] DG Agri GREX Arable crops 26-03-2026.

**Wéi huet sech de Präis vum Dünger op den europäesche Mäert zanter dem Hierscht 2025 entwéckelt?**

Aktuell (Stand 6.04.2026) gëtt eng Präissteigerung vun ëm déi 30 % fir Kalkammonsalpeter an AHL observéiert. Fir 46 prozentegen Harnstoff läit d'Präiserhéijung bei ronn 45 %, an d'Präisser fir Phosphatdünger sinn ëm déi 5 % geklommen – am Verglach mam Niveau vum leschten Hierscht.[3]

An der Grafik gëtt d'Entwécklung vun de Präisser duergestallt, dobäi ass de Präisniveau vum 6. Oktober 2025 op 100 % festgeluecht ginn.




Quell: Düngemittel - Kaack Terminhandel GmbH

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

[3] Düngemittel - Kaack Terminhandel GmbH